


# RADIOAMATEURS DU LUXEMBOURG

Section Luxembourgeoise de l'I.A.R.U.  
Membre Fondateur de l'I.A.R.U.





# MEGALIFT S.A.

MIR BEWEEGEN ALLES

Megalift S.A. | Zone Industrielle | B.P. 42 | L-7701 Colmar-Berg  
Tél.: +352 85 85 59 | E-mail: [info@megalift.lu](mailto:info@megalift.lu) | Web: [www.megalift.lu](http://www.megalift.lu)



# Sommaire 1/20

<b>Säit</b>	<b>Titel</b>	<b>Auteur</b>
2	Editorial: Un mot aux nouveaux-venus	LX2AU
3	Organisation et services du RL	Red.
5	Pub Ets. Ries	Red.
6	RL - Generalversammlung	Red.
18	Notfunkfrequenzen KW	Red.
19	Rapport vum QSL - Büro	LX1CX
20	YL activity group	LX2VY
20	ATV work group	LX1JM
21	Fuussejuegd - ARDF	LX1FC et al.
22	Rapport vum Cours de préparation a vum Examen	LX1MA
24	Eis Relatioune mam ILR	LX1MA
28	Rapport vum EMComm work group	LX1HP
30	Noutfunk a QSL - Service: et geet an engems	Red.
32	Rapport vum Arbechtsgrupp CW	LX2AU
33	Rapport vum APRS work group	LX1KQ
34	Hamnet / Echolink / Packet-Radio	LX1TB
36	Voice repeater work group	LX1JU
37	JOTA - JOTI	LX1NR
38	RL DX Toplist 2019	LX2A
40	JOTA 2019 - LX9S	HB9AOF
44	DATV via QO-100	LX1LW
50	Sonderdiplom 70 Jahre DARC	Red.
52	50 Jahre SAARLORLUX - Treffen in Quierschied	DK4XC, Red.
55	International Alliance of Volunteers Conference	Red.
57	Hamnews from around the world	Red.
62	De chez nos voisins...	Red.
64	Arsène Schroeder LX1RA, sk - Ein Nachruf	DK4XC

## Editorial: Un mot aux nouveaux-venus!

Chers membres du RL,

De ces jours, l'ILR vient de publier les résultats des épreuves pour l'obtention du certificat d'opérateur-amateur, le *lis exam* tout court. Chacun de nos huit candidats a réussi et rejoindra nos rangs. Soyez les bienvenus!

Ceci montre qu'il reste toujours un intérêt à la communication radio, malgré les *social media* tant prisés aujourd'hui. Et que le cours offert par le RL n'est quand-même "pas si mal que ça" et que le concept élaboré au fil des années porte toujours ses fruits.

Mais pourquoi tout ça? - La réponse est simple: le service radio amateur est un service radio expérimental, et on insiste sur expérimental! Le radioamateur est le seul opérateur radio qui peut construire lui-même les composants de sa station, modifier et réparer des appareils de radio-communication. Ceci est bel et bien, mais en pratique, il faut quand-même "savoir ce qu'on fait". Et bidouiller dans une PA à tubes, avec des tensions dépassant facilement un bon millier de volts en courant continu, c'est pas de la tarte...

Chose largement ignorée, mais faisable: On peut faire le chemin en étapes: pourquoi ne pas commencer comme NOVICE, et avec plus d'expérience pratique et théorique, faire un *upgrade* en HAREC? Sachez que dans le temps, il y avait la licence sans morse, donnant droit à l'accès aux bandes au-delà de 30 MHz, et la licence avec le morse, licence indispensable pour pouvoir trafiquer sur les bandes "ondes courtes". Le programme des épreuves était le même dans les deux cas. Les anciens se rappelleront... Mais on avait la possibilité de commencer en VHF, et ensuite, en passant l'épreuve morse, de gagner l'accès aux bandes HF.

Soyez certains, la radio amateur d'aujourd'hui est un champ d'action tellement vaste, qu'il faudrait une vie et demie pour tout essayer! Faites votre choix, et s'il y a des problèmes, on est là pour donner un coup de main.

Bonne lecture, Frank LX2AU

# Organisation et Services du RL

Présidents d'Honneur: Josy Kirsch sen. LX1DK    Membres d'Honneur: Jean Spautz  
Armand Erpelding LX1MA    Edmond Toussing  
Heinz Nauerz DK4XC

## Comité

Président	Mich Friederich LX1KQ	Membre	Philippe Luty LX2A
Vice-Président	Jean-Claude Duhr LX1CU	Membre	Romain Weber LX1RW
Secrétaire	Nico Reuland LX1NR	Membre	Arsène Thill LX1TB
Trésorier	Jean-Marie Juchemes LX1JH	Membre	Luc Engelmann LX1IQ
Membre	Mendaly Ries LX2VY		

## Managers

Awards	LX2A	Members Relations	LX1CU
Beacon and Repeater Coordinator	LX1DB	Pins, Stickers, Badges and Flags	LX1CU
Digital Communications Coordinator	LX1TB	QSL-Service Incoming & Outgoing	LX1CX
EMC, BCI, TVI	LX1MA	Relationship with Administrations	LX1MA
Exam preparation	LX1MA	RL Library	LX1JH
IARU Relationship Officer	LX1KQ	Shack Coordination	LX1JH
JOTA / Scouts	LX3GR	SNJ	
Insurance	LX1JH	VHF, UHF, SHF Manager	LX1JM
LX Callbook Update & Publication	Comité	Webmaster rlx.lu	LX1OM
LX HF Contest	LX2A	Youth Coordinator	LX1RS

## Réunions, Divers, Impressum

### Réunions mensuelles avec collecte et distribution des cartes QSL:

- Le premier mercredi de chaque mois, sauf mars et août, à partir de 19h30 dans une salle de la pizzeria « San Marino », 11, rue de la Montagne, L - 3391 Peppange.  
**(nouveau QTH à partir du 1.6.19)**
- Réunion « Soirée Club » au shack RL à Eisenborn chaque dernier vendredi du mois à partir de 19h00.

**Emissions QST:** chaque dernier vendredi du mois à 20h00 sur les relais VHF LX0LU, LX0HI, et LX0DMM. Publication des fichiers mp3 sur le site web.

**Compte en banque:** IBAN LU11 1111 0321 8780 0000 (BIC: CCPLLULL)

**Déclarations de sinistres:** déclaration au trésorier qui transmettra, le cas échéant, à notre assureur AXA, Rob Claude, 37, Grand-Rue, L-3730 Rumelange, Tél.: 560456

**Informations du RL pour non-membres:** Jean-Claude Dühr LX1CU Tél.: 889282

**Page web du RL:** <http://www.rlx.lu/>

**Adresse postale:** RL asbl. BP. 1352 L- 1013 Luxembourg

**Bulletin du RL:** publication semestrielle du RL asbl.

**Editeur responsable:** Radioamateurs du Luxembourg RL asbl.

**Rédaction:** Frank Wilhelm LX2AU Email: bulletin@rlx.lu. Tél.: 26803623

**Délais de rédaction:** édition du printemps: 2 semaines après l'assemblée générale.

édition d'automne: 15 Septembre

**Impression:** Imprimerie Schlimé, L - 8069 Bertrange

**Publicités:** 50.- € pour 1/1 page, pages intérieures, n/b; 100.- € pour 1/1 page, couverture intérieure, couleurs

Les articles publiés n'engagent que la responsabilité de leurs auteurs.

La rédaction se réserve le droit d'éditer les textes soumis pour publication.

## Working Groups

APRS	LX1KQ, LX1CU, LX1TB
ARDF	LX1JU, LX1MA, LX1FC, LX1WJ
ATV	LX1PL, LX1JM, LX1DB, LX1WJ
CW	LX1ML, LX2AU
Digital Voice Communications	LX1IQ, LX3JL, LX1JM, LX1TB, LX1KX, LX1CU, LX1WJ
FT8	LX1JH, LX1HD, LX1TI, LX1KQ
Emergency Communication	LX1HP, LX2VY
Packet-Radio (AX.25+TCP/IP) Hamnet	LX1TB, LX1JU, LX3GR, LX1KQ
QST-Transmission	Comité RL
Voice Repeater	LX1JM, LX1PL, LX1JU, LX1JX, LX1KQ, LX1CU, LX1TB, LX1MA, LX1WJ
YL activity group	LX2VY, LX1CX

Pour plus d'informations sur les WG, veuillez contacter le coordinateur Arsène LX1TB (lx1tb@rlx.lu).



# RZ Location

**au cas où vous êtes intéressé à louer un camion  
élevateur,**

**contactez-nous au 799 137 ou [info@ejr-ries.lu](mailto:info@ejr-ries.lu)**



**<http://ejr-ries.lu/>**



# RL - Generalversammlung

Dëst Joër war d'Generalversammlung schons den 1. Mäerz zou Mondorf am grouse Sall vum Hôtel - Restaurant "Am Klouschter". Daat war néideg, well den Hôtel zou Gonnereng de Moment zou ass.

Den Ordre du Jour, wéi en an der Invitatioun stung:

1. Allocution du président
2. Rapport du secrétaire
3. Rapport du trésorier
4. Rapport des réviseurs de caisse
5. Désignation de 3 réviseurs de caisse pour 2020
6. Résumé des rapports des Managers et Workgroups
7. Budget 2020 et fixation de la cotisation
8. Election du comité ainsi que du président
9. Divers

## 1. D'Wuert vum President

Eppes no 4 Auer huet de Mich LX1KQ, eise President, d'Sitzung opgemeet an all d'Memberen, déi komm waren, begréisst. Eis däitsch Kollege waare mat enger Delegatioun ugetrueden.

### Statiounen an LX a Memberszuelen

Zanter der leschter Generalversammlung hu mer 4 silent Keys ze bekoën. Et sinn daat:

Arsène Schroeder LX1RA

Farida Eberhard-Verbanck LX2EL



François Cronauer LX1DU

Henri Peters LX1DT

D'Assemblée huet hierer eng Minutt geduecht.

Mee et sinn am leschte Joër och nei Memberë beikomm. Eis nei Kollege si bis elo nach net lizenzéiert, a sie hun alleguerten de Lizenzcours matgemaach.

Claude Lenert

Alain Neuens

André Prum

Alain Schart

Patrice Silverio

Marc Wagener

Darach Wrede

## 2. De Rapport vum Sekretär

Eise Sekretär, de Néckel LX1NR, huet eis e puer Informatiounen iwwert de Club présentéiert.

Daat ware viir d'lescht Joër dës Memberszuelen:

### Normal a gratis Memberen:

Student	9
Familljen	13
Gratis	(ouni LX0) 11
Normal	288
Spezial	19

## Memberen déi keng Cotisatioun méi bezuelt hunn:

Groupe		Total
Autres	Pleine	1
LX1-3	Pleine	4
LX4-5,7-8	Spéciale	1
Sans indicatif	Pleine	1
<b>Total</b>		<b>7</b>

## LX Statioune mat Lizenz (Fichier RL):

(Baséiert op den Informatiounen déi de Comité huet, déi awer vu Joër zu Joër manner präzis ginn)

Groupe	Total	Dont SK	Abandon	Licencié
LX0	37	0		37
LX1-3	523	8	5	518
LX4-5,7-8	11	0	1	10
LX6	11	0		11
LX9	21	0	1	20
SWL	4	0		4
<b>Total</b>	<b>607</b>	<b>8</b>	<b>7</b>	<b>600</b>

## Aktivitéitsbericht vum RL 2019 - 2020

### Infos Comité:

Comitésversammlungen: Vum Mäerz 2019 bis de Februar 2020 huet de Comité sech 10 mol gesinn.

QST Emissiounen: Et waare 7 Emissiounen, daat all leschte Freideg vum Mount ëm 20h00, ausser et gouf näischt Neies ze verzielen. D'Rediffusioun ass ömmer dee Sonndeg duerno ëm 11h00. Ee Merci dem Speaker Frank LX1MG.

Websäit vum RL: Merci dem Marc LX1OM fir d'Aktualiséierung vum Inhalt  
Bulletin vum RL: Et goufen 2 Bulletin'ë publizéiert, ee no der Generalversamm-  
lung, an een am Hierscht virum JOTA. Merci dem Frank LX2AU fir d'Redaktioun.

### **Aktivitéiten 2019/20:**

YOTA subregional camp, organiséiert vum DARC zou Baunatal: LX waar duurch  
den Erik LX6ES vertrueden.

Den RL huet och elo en Account op Facebook: @rlx.lu

50 Joër Saar-Lor-Lux-treffen an RL Grillfest zou Weicherdang. LX8SAR waar dee  
Weekend QRV.

LX9CWC cricket world cup radio marathon: 4 LX ops an iwwer 10000 QSOën.

Hamradio zou Friedrichshafen: Den RL haat och dëst Joër ee Stand.

LX8HQ IARU HF championship mat 1500 QSOën vum Shack aus.

Schaffdag zou Blaschent um Relais: Di ganz Hardware vum Relais ass nei  
ageriit gin, an den Hamnet-link ass montéiert gin.

LX75V: 75 Joër Befreiung vun LX. Jiddereen dee wollt, konnt dee Call  
aktivéieren.

LX8FTDM: Sonnerstatioun viir d'FT8 mode activity days. LX huet mat 3 Ops. di 2.  
Platz gemeet.

Eise President waar op der JARL-Hamfair zou Tokio.

Fieldday vun der ADRAD viir hier 40 Joër. QTH waar d'Blockhaus vum LX2VY  
zou Bréhain-la-ville heivir am Frankräich. De Call war F/LX40AK.

De JOTA ass hei an LX eng Traditioun mat der QST-émissioun. De Weltbüro waar  
mat LX9S vun hei aus QRV.

Saar-Lor-Lux-Feier viir 50 Joër zou Quierschied bei eisen däitsche Kollegen.

IAV (International Alliance of Volunteers) Conference zou Bangkok an Thailand,  
wou de Mich LX1KQ an d'Mendaly LX2VY eise neien EmCom-groupe viirgestallt  
hun.

Update a Maintenance vun eiser Websäit www.rlx.lu mat der Archivéierung vun  
deenen aalen RLs Bulletinen.

Vum September 2019 bis de Januar 2020 war de Préparatiounscours op den Examen am LTC (Lycée technique du Centre) um Lampertsbiërg.

D'Monatsversammlungen waaren a sinn all éischte Mëttwoch am Mount, ausser am Mäerz an August.

D'Clubowender waaren a sinn zu Eesebour, all leschte Freideg am Mount, mat QSL Büro, ausser am Dezember an am Februar.

### **Infos fichier: Ee Rappel:**

Merci de nous informer lors d'un changement d'adresse... merci!

Falls ihr umzieht: Bitte gebt uns eure neue Adresse... Danke!

Sot eis Bescheed wann der geplënnert sidd... merci!

When moving: please give us your new address... thanks!

## **3. De Rapport vum Trésorier**

Eisen Trésorier, de Luc LX1IQ, huet eis de Bilan vum leschte Joër présentéiert.

D'Recetten am Résumé:

Cotisations RL	10.189,00 €
Dons au RL	279,00 €
Subsides	1.320,00 €
Intérêts créditeurs	39,53 €
Ventes RL	11,00 €
Recettes BBQ	530,00 €
Recettes participation cours RA	890,00 €
Recettes Hamradio	680,00 €
Recettes publicité bulletin	350,00 €
<b>Total:</b>	<b>14.288,53 €</b>

D'Cotisationsen am Détail:

Cotisations régulières	9.690,00 €
Cotisations familiales	137,00 €
Cotisations spéciales	238,00 €
Cotisations étudiants	124,00 €

Den Résumé vun den Dépensen:

50 Joer Sar-Lor-Lux + BBQ	1.635,97 €
Youth	140,00 €
Frais LX8HQ, LX0RL, LX18FIFA	175,17 €
Participation RL activités membres	153,40 €
Acquisition matériel LX0RL	1.457,00 €
Dépenses shack autres	22,74 €
Cours RL	590,00 €
QSL Bureau	1.636,64 €
Bulletin RL	1.574,47 €
HamRadio	959,27 €
Autres frais LX HF Marathon	69,70 €
Divers	200,00 €
Cotisation RESTENA	40,00 €
RL Working Groups	1.974,76 €
Annonces dans quotidiens	594,59 €
IARU Region 1	409,10 €
Frais entretien LX0FOUR	36,90 €
Relais RL	355,11 €
Dépenses internes comité	361,40 €
Frais de compte BCEE	117,00 €
Assurances RL	1.753,58 €
Douane, taxes, droits d'obtention	12,20 €

Secrétariat RL	524,30 €
<b>Total:</b>	<b>14.793,30 €</b>
<b>Als Resultat hätte mir dann:</b>	<b>-504,77 €</b>

Di eenzel Posten am Détail:

50 Joer Saar-Lor-Lux	1.278,10 €
Dépenses BBQ	357,87 €

Achat livres cours RL	590,00 €
Honoraires instructeurs	

Expédition cartes QSL	89,55 €
QSL-Vermittlung DARC	1.399,44 €
Autres frais service QSL	147,65 €

Frais d'impression bulletin	1.464,66 €
Frais d'expédition bulletin	109,81 €

Frais stand expo HAMRADIO	378,66 €
Autres frais HAMRADIO	580,61 €

Digital Voice Comm.	645,51 €
Jota / Joti	377,28 €
Emergency Communication	250,00 €
Hamnet	454,14 €
Voice Communication	247,83 €

Frais de fonctionnement Riesenhaeff	117,00 €
Frais de fonctionnement Bourscheid	1,00 €

Frais de fonctionnement Blaschette	117,00 €
Frais de fonctionnement Machtum	120,11 €

Dépenses matériel de bureau	363,30 €
Expédition courrier	161,00 €

Resultat: Situatioun vum 3.1.2020

Caisse argent comptant	0,00 €
CCP LU11 1111 0321 8780 0000	15.264,79 €
BCEE LU66 0019 4712 7812 9000	30.346,41 €
<b>Total:</b>	<b>45.611,20 €</b>

Provisoresche Bilan vum 3. Januar bis den 1. Mäerz:

Recetten:

Cotisation régulière	374,00 €
Don au RL	34,00 €
<b>Total:</b>	<b>408,00 €</b>

Dépenses:

Frais entretien LX0HF	26,57 €
Expédition courrier	368,50 €
QSL-Vermittlung DARC	1.399,44 €
Dépenses internes comité	536,50 €
DVC	309,49 €
<b>Total:</b>	<b>2.640,50 €</b>

Mecht ee momentane Malus vun 2232,50 €

#### **4. De Rapport vun de Keesserevisoren**

De Claude LX3CL huet, als Verrieder vun de Keesserevisoren, dem Trésorier séng gudd Aarbecht geluewt an d'Assemblée gefroot vir dem Trésorier Entlaaschtung ze ginn. Daat ass dun och esou ugeholl gin an den Trésorier huet *par acclamation* Entlaaschtung kritt.

#### **5. Bestëmme vun 2 Keesserevisoren**

Keesserevisoren viir di nächst 2 Joër sinn de Claude LX3CL, de Bob LX1BS an den Tom LX1DCJ.

#### **6. D'Rapports'en vun de Manageren an de WG'ën**

All di Rapports'en, déi viir d'Generalversammlung erakomm sinn, fannt der *in extenso* op deene nächste Säiten.

#### **7. De Budget viir 2020 an d'Cotisatioun**

De Luc huet der Assemblée de Budget viir 2020 présentéiert.

Dépenses:

LX8HQ	100,00 €
Dépenses RL Comité intern	500,00 €
DARC + QSL - Buro	1.700,00 €
Assurancen	1.780,00 €
IARU	430,00 €
Diplomer	100,00 €
Restena	40,00 €



Bulletin	1.700,00 €
Lizencours	350,00 €
Shack RL	250,00 €
Secretariat	1.000,00 €
Don pour membres décédés	600,00 €
Frais de trésorerie	100,00 €
Frais Relations publiques	250,00 €
WG ATV	500,00 €
WG ARDF	50,00 €
WG Notfunk	500,00 €
WG Hamnet	1.100,00 €
WG APRS	250,00 €
WG DVC	2.500,00 €
WG Voice Repeater	1.100,00 €
WG Balises	150,00 €
WG Youth	150,00 €
WG JOTA	300,00 €
WG FT8	150,00 €
WG CW	250,00 €
Facebook	120,00 €
Divers	500,00 €
Stand HamRadio	550,00 €
Participation activités membres RL	500,00 €
<b>Sous-Total</b>	<b>17.570,00 €</b>
Budget extraordinaire Dippach (Devis SOGEL)	5.461,69 €
<b>Grand Total</b>	<b>23.031,69 €</b>

De Budget extraordinaire viir Dippech ass emol agesaat ginn, well de Moment nach net gewosst ass, waat mer genau vun der Assurance erëmkreien.

## Recetten:

Cotisations	10.250,00 €
Publicité am Bulletin	400,00 €
Lizenzkurs	250,00 €
Dons	200,00 €
Subsides	1.300,00 €
Ventes	100,00 €
Manifestations	400,00 €
Subsides HamRadio	500,00 €
<b>Sous-Total</b>	<b>13.400,00 €</b>
Mobilisation Réserves	4.170,00 €
<b>Grand Total</b>	<b>17.570,00 €</b>

## Aktuell Situation:

Caisse argent comptant	0,00 €
CCP RL	13.032,29 €
Spuerbuch	30.346,41 €
<b>Total:</b>	<b>43.378,70 €</b>

## Cotisations:

Un de Cotisations huet näischt geännert:

Einfach Cotisation: 34 €

Familjecotisation: 8 €

Studentecotisation: 8 €

Spezial Cotisation: 17 €

Éwéi d'läscht Joër gett och dës Kéier den 1te Rappel fir d'Cotisation per E-Mail verschéckt, an deem 2te Rappel als Bréif.

## **8. Neiwahle vum Comité a vum President**

### **Comité**

All d'Comitésmemberë stungen op der Austrëttslëscht a si hun alleguerten, bis op de Carlo LX1TI, hier Candidatur nei gestallt. Neie Candidat waar d'Mendaly LX2VY.

Well 8 Candidature viir 8 Posten do waren, huet net brauche gewielt ze ginn.

### **President**

De Misch LX1KQ war eenzege Candidat an hien ass *unisono* per Acclamatioun eremgewielt ginn.

De Comité vum RL:

Michel Friederich LX1KQ, Jean-Claude Duhr LX1CU, Luc Engelmann LX1IQ, Jean-Marie Juchemes LX1JH, Philippe Luty LX2A, Nico Reuland LX1NR, Mendaly Ries LX2VY, Arsène Thill LX1TB, Romain Weber LX1RW.

## **9. Divers**

### **Memberskaart**

De Comité huet di nei Memberskaart viirgestallt: Si ass aus Plastik, am Bankkaarteformat a esou laang gudd wéi d'Cotisatioun bezuelt ass. Si gett deemnächst un d'Memberë verschéckt (vläicht zesumme mam Bulletin).

### **CubeSat**

Den Andrija Djordjevic, en Ingénieursstudent vun der Uni Lëtzebuerg, huet e klengen Exposé iwwert hier Aarbechtsgrupp gehaalen. Dee Groupe ass am Gaang ee Cubesat ze plangen an ze bauen. Op der Sich no kompetente Leit, déi hinne bei der Définitioun vun den Uplink- an Downlink-frequenzen hëllef kënnen, huet hien den RL kontaktéiert.

Wee weider Informatiounë wöllt, kann hier Websäit kucken: [luxcube.uni.lu](http://luxcube.uni.lu)

Den Andrija ass viir de *Systems engineering* zoustänneg.

oooOOOooo

## **Notfunkfrequenzen KW**

Notfunkrunde / Rundspruch DL:

Jeden 1. Freitag im Monat um 17.00 UTC auf 3643 kHz +/- QRM

Notfunkfrequenzen international:

IARU Region 1: 3760 kHz, 7110 kHz

IARU Region 2: 3750 kHz oder 3895 Khz, 7060, 7240 oder 7290 kHz

IARU Region 3: 3600 kHz, 7110 kHz

Weltweit: 14300 kHz, 18160 kHz, 21360 kHz

aus der CQ-DL -Red.

oooOOOooo

Früher: Fernsehen, analog, VHF/UHF, erst SW, dann Farbe:

Hast du ein Problem, weisst weder ein noch aus,

Frag' doch mal die Maus...

# Rapport vum QSL Büro

Vun AG zu AG sinn 51,382 kg Kaarten un eis Memberen verdeelt ginn. Eis Interventioun bei de QSL Büroen an der ganzer Welt schéngt Friichte gedroen ze hunn, den Incoming ass iwwer 24 kg eropgaangen!

Eraus si 74,52 kg gaangen. Dat wieren 10kg méi wei d'lescht Joer. Bravo!

Folgend Länner hate Kaarte geschéckt:

Däitschland, Tierkei, Rumänien, Schwäiz, Russland, Kanada, Ukrain, Spuenien, Indien, Amerika, Litauen, Japan, Éisträich, Bulgarien, Tschechien, Thailand, Bosnien, Moldawien, Holland, Israel, Litauen, England, Schottland, Italien, Irland, Frankräich, Südkorea, Slowenien, Dänemark, Kroatien, Ungarn an Griicheland.

Ganz vill Kontakter sinn och mat de Sonderruffzëchen LX75V, LX19CWC an LX8FTDM gemaach ginn. Fir LX75V waaren dat der em déi 21 Dausend. Do wäert wuel nach e bësschen Aarbecht op den QSL Büro zoukommen!

Weiderhin ass geplangt net personaliséiert QSL Kaarten drécken ze loossen, fir déi Léit déi nëmme sporadesch e puer QSO'ë maachen, natierlech am typeschen RL Design. Des QSL Kaarten ginn esou präparéiert dass jidderee säi Ruffzëchen androe kann. D'Kaarten kann een dann zu engem klengen Präis beim Club am 50er Paak kafen.

Den Outgoing ass trimesteriell un den DARC geschéckt ginn, mir hunn awer och dem DARC zwee deck Päck op der Hamradio perséinlech iwwerrecht.

Ech wënschen iech nach vill Freed beim Sammelen vun DXCC'en.

Claudine LX1CX

## **YL activity group**

Och als Old Men kéint et iech interesséieren dass d'Mendaly LX2VY dëst Joer un engem Konzept fir Young Ladies- an XYL-Aktivitéite hei zu Lëtzebuerg geschafft huet.

All eis lizenzéiert Damme sinn kontaktéiert ginn fir nozefroen wat fir Aktivitéiten si sech wënsche géifen. Sief et technesch Atelieren an enger entspaanter Atmosphär (z.B. léide léieren, un TRXe schaffen, Antennentechnik...), oder awer och ee kllassescht YL-radio-événement.

Den Interessi war leider net grouss. Nëmmen d'Claudine an d'June wieren hei dobäi. Hinnen en decke Merci.

International gesinn ass et awer net schlecht vir en Usprichpartner a Saachen YL ze hunn, an et gëtt sech reeg ausgetosch mat anere Jofferen uechter d'ganz Welt. Matgemaach hu mir beim Italieneschen YL event "Radio in Rosa". Mir schreiwen och elo mat un der HB YL Kolumne fir dem HB9FRC e bëssen auszehëllefen. D'LX2VY huet sech ausserdeem an de Kapp gesat vir europäesch YL'en op Esebuer z'invitéieren fir en YL Weekend mat special call sign ze maachen. Wat doraus gëtt oder ginn ass, héiert dir da spéitstens op der nächster AG.

73 an 88 Mendaly LX2VY

oooOOOooo

## **ATV working group**

D'lescht Joër ass leider näischt am ATV gelaf, an dat well, secher bekannt, meng Gesondheet jo net matgemaach huet.

73 Jéng LX1JM

## Fuussejuegd - ARDF

Den ARDF Working Group hat dëst Joer just eng Aktivitéit. Déi envisagéiert Mini-Fuussejuegd um Grillfest vum RL zu Weicherdang war an d'Waasser gefall: d'Wieder war einfach ze schlecht fir dass wuel vill Leit vun de Kuerzwelle-Stationen, déi fir LX8SAR opgeriicht gi waren, fort gelackelt hätte kënnen, fir dobaussen ee Fuuss ze sichen. Den 1. September war awer rëm wéi di Joere virdrun eng richteg Fussejuegd mat 5 80m Senderen (an engem Réckhuel-Fuuss), des Kéier zu Grousbous. Leider waren net vill Leit déi matgemaach hunn.

Dëst Joer war och bal alleguer d'80m-Material vum Club fir de JOTA bei de Scouten u verschidde Gruppen ausgeléint ginn. Bei verschiddene JOTA Statioune steet also méttlerweil ARDF fest um Programm vun deem Weekend.

Et war och deelweis Material wat am Laf vum Joer huet musse gefléckt ginn, am Moment ass awer rëm alles operationell.

Well eisen Aarbechtsgrupp et leider am Moment vun der Unzuel vun de Leit an den Disponibilitäten net méi packt fir eng komplett Fuussejuegd z'organisieren, wäerte mir 2020 mol mat deem Evenement eng Paus aleeën. Jee no Interesse an Disponibilität wäerte mer awer eng Mini Fuussejuegd um Grillfest opriichten.

Mer hunn och ugefaang d'Stroumversuergung vun de Senderen méi einfach a modular ze maachen, dat wäert am Laf vum Joer nach bei dem Rescht vun de Senderen ëmgesat ginn.

d'Fuussejuegd-équipe,  
LX1FC, LX1JU, LX1MA LX1WJ

oooOOOooo

Léif Memberen, vergiesst net är Cotisatioun ze bezuelen. - Merci!

# **Rapport vum Cours de préparation 2019-2020 a vum Examen**

Och dëst Joer hu mer onse Cours de préparation am Lycée Technique du Centre vun Enn-September 2019 bis Enn-Januar 2020 ofgehalen.

De Programme vum Cours, dee schon emol op de Säiten 10-11 am Bulletin 2/19 beschriwe war, huet d'Froen vun der Reglementatioun a vum technëschen Deel aus dem Froekatalog, deen een um Site vum ILR enner "www.ilr.lu - Radioamateurs - Préparation à l'examen - Catalogue des questions" fënnt, behandelt.

10 Kandidaten haten sech fir de Cours ugemellt. Aus verschidde Grënn (Beruff oder soss eng Ursach) hun der 8 de ganze Cours suivéiert an 2 hun sech doheem préparéiert. Vun deenen 10 sin der 8 dun am Examen den 27.1.2020 beim ILR ugetrueden.

Am Ganzen haten sech 16 Kandidaten beim ILR ugemellt, 14 sin der ugetrueden. 13 fir den HAREC-Examen an 1 fir de NOVICE-Examen. 8 Kandidaten vum RL hun den HAREC- resp. de NOVICE-Examen bestanen.

## **Felicitatioune vum RL fir all ons Kandidaten!**

Zum Schluss awer och nach e Merci un d'Instrukteren (LX3GR, LX1GU, LX1KQ, LX2AU, LX1GG an LX1MA) déi och Méindes an Donneschdes owes Zäit opbruecht hun fir d'Coursen ze halen.

Hei sin d'Kandidate vum RL bei der "épreuve pratique et opérationnelle sur l'utilisation correcte d'une station d'amateur" esou wéi dat an der Annexe 6 vum manuel de l'utilisateur vum l'ILR virgeschriwen ass. Dës Epreuve war am Shack vum RL zu Eesebuer de 4.11.2019.

Op der Photo si vu lénks no riets: Patrice SILVERIO, Arnaud BON, André PRUM, Darach WREDE, Marc WAGENER, Claude LENERT, Frank BAULER, Alain SCHATZ an Alain NEUENS.

Armand LX1MA





An hei sin d’Kandidate vum RL just nom Examen am ILR.



# Eis Relatioune mam ILR

## **WRC-19:**

Bei der World Radio Conference 2019 (WRC-19) vum 21.10. bis den 22.11.2019 zu Sharm el-Sheik an Egypten war den Tore Worren LA9QL Koordinator vun der IARU.

Betreffend d'WRC-19 waren de Philippe LX2A an den Armand LX1MA den 12.10.2018 beim ILR fir ze héieren wat dem ILR seng Meenung wäer iwwer verschidde Punkten bei der Préparatioun fir d'WRC-19, déi ons Amateure betreffe kënnent.

No der WRC-19 hat den ILR op a "Follow Up Meeting" de 21.1.2020 agelueden bei deem de Luc LX1IQ an de Jean-Marie LX1JH den RL vertraueden haten.

Et handelt sech dobäi ëm folgend Punkten:

## **WRC-19: 50-54 MHz**

De Beräich 50-52 MHz ass elo an der Regioun 1 als "service secondaire" dem Amateurfunk am Artikel 5 vum "règlement des radiocommunications" vun der UIT zougedeeft. Folgend Konditiounen sin dobäi ze beuechten: d'Feldstärkt vun enger Amateurstatioun dierf 6 dB $\mu$ V/m längs der Grenz zu engem Land an deem analog Radiodiffusioun an dem Beräich a Betrieb ass (z.B. an DL) 10m iwer dem Buedem während 10 % vun der Zäit net iwwerschreiden.

An der russescher Federatioun ass nëmmen de Beräich 50,080-50,280 MHz als "service secondaire" fir den Amateurfunk festgehale gin.

## **WRC-19: Mobilfunk**

De Beräich 47,0-47,2 GHz bleift weider "primaire" an dat ouni weideren Utilisateur. Dat Band ass bis elo dat eenzecht exclusivt GHz-Band fir eis. Dat ass och d'Resultat vun der WRC-19.

Fir d'WRC-23 ass virgesin, ze kucken op am Beräich 10,0-10,5 GHz villäicht Deeler fir "International Mobile Telecommunications" als "service primaire" kënnte festgehale gin!

### **WRC-19: WPT(EV)**

Déi gréisste Problemer fir d'Aféierung vun drahtlose Chargeuren fir Elektroautoen WPT-EV (**Wireless Power Transfer for Electric Vehicles**) ass, dass esou Installatiounen no bäi oder a Wunnengen stinn an oft andauernd bedriwwe gin an dat mat héijer Leeschtung (bis z.B. 20kW) bei 79-90kHz, an dobäi Oberwellen bis an ons Amateurbänner bis wéinigestens 10 MHz produzéieren kënnen. Fir dëse läschte Punkt sin awer nach keng Décisiounen do a bis weiderhin gëllen d'Rapporten an d'Recommandatiounen vun der UIT.

### **WRC-19: 1240-1300 MHz**

Dëst betrëfft den Amateur- an Amateur-Satellite-Funk hinsichtlech der Protektioun vum Galileo-System. Et war dëst eng Proposition vun der EU. Et gouf hefteg Opposition vun den USA an anere CITELE-Länner. Schlussendlech koum dëst op den Ordre du jour vun der WRC-23.

### **TVI/ITV:**

Den ILR schreift:

Gudde Mëtteg Här ERPELDING,

Och am Jar 2019 goufen 2 Radioamateuren bäi hierem Hobby gestéiert. Woubäi nach net definitiv gekläert ass, op net deen een sech selwer d'Stéierungs-Ursach niewent d'Antenn op den Hausdaach geluecht huet.

Eng vun de Stéierungen huet d'Amateuraktivitéite gestéiert duerch e Kraachen op der Kuerzwell (20m) bis an de VHF-Beräich eran. Laut Informatioun vum Radioamateur an eise Moossunge sur place kënnen di Stéierungen nëmmen duerch

eng Trafostatioun verursaacht sen. De Bedreier dovun ass informéiert an huet gesot déi Saach ze iwwerpräiwen an ze behiewen.

Di zweet Stéierung war veruursaacht duerch Signaler vum 40m-Band bis eran an d'20m-Band (S9+5). Laut eise Moossungen kënnen di Problemer duerch di eege Solar-Anlag entstoen, awer och duerch eng gréisser Anlag aus der Noperschaft. Mir kënnen dat awer nach net ganz sécher soen, mir fueren nach eng Kéier kucken, waarden do awer op bessert, méi sonnegt Wieder.

Mat beste Gréiss,  
Frank Mehlen

### **CEPT:**

D'CEPT (Conférence Européenne des Administrations des Postes et des Télécommunications) ass 1959 vun 19 Administratiounen gegrënnt gin. No 10 Joer ware scho 26 Administratiounen derbäi an haut huet d'CEPT Administratiounen aus 48 europäesche Länner. D'CEPT ënnerstëtzt d'Coopératioun vu kommerziellen, opérationellen, réglementarësch an technësche Normen. Hir Recommendatiounen a Rapporten gin och scho vun aussereuropäesche Länner applizéiert.

Den ECC REPORT 289 vun der CEPT analyséiert d'Publikatiounen vun UIT, CENELEC an CISPR iwer d'Auswierkungen vun WPT-EV op d'Radiodiffusioun (LW a MW), op d'Radiolocalisatioun (NDB), op d'Réceptioun vu Funk-Aueren (DCF77) an op d'Amateurfrequenzen (Bulletin 1/18, Säit 25). Dobäi léichen d'Limiten vun der Stéierstrahlung op 10m ëwäch vun engem WPT-EV ëm 40-50 dB méi héich wéi déi vun der UIT festgestallten Geräischniveauen am Beräich 300 kHz bis 30 MHz a kënnen esou bis zu 2 km wäit stéieren.

An Europa ass d'CENELEC (Comité Européen pour la Normalisation Electrique) zoustännech fir europäesch Normen (EN) festzeleeën. Do ass d'IARU-R1 och Membre/Observateur.

Zu Lëtzebuerg ass den ILNAS (Institut Luxembourgeois de Normalisation, de l'Accréditation, de la Sécurité et qualité des produits et services) déi zoustännech Instanz, déi derfir suerge muss dass keng Equipementer op de Marché kommen déi net den CE-Normen iwer elektromagnéitesch Kompatibilitéit entsprechen.


Fir ons Amateure si 5 Dokumenter vun der CEPT wichteg:

- TR 61-01: iwer de Betrieb vun HAREC-Amateurstationen am Ausland
- TR 61-02: iwer den Examensprogramm fir d'HAREC-Lizenz
- ERC Report 032: iwer den Examensprogramm fir d'NOVICE-Lizenz
- ECC/REC (05)06: iwer de Betrieb vun NOVICE-Amateurstationen am Ausland
- CEPT/ERC 62-01: iwer d'Benotzung vum LF-Band 135,7-137,8 kHz

All dës Dokumenter fënnt een, am einfachsten ënner "google" ([www.rlx.lu](http://www.rlx.lu) – RL – Législation – Regulations – English Réglementations de la CEPT) wou een och den Text kann eroflueden. Dës Recommandatiounen/Rapporten gin och zu Lëtzebuerg applizéiert.

zesummegeallt vum Armand LX1MA

oooOOOooo



Dem Grumpy säi Commentaire:

Mengt elo net, de YL activity group wier do viir ze spullen an de Shack ze botzen!

73 et 88 à toutes les YL de la rédac'...

# Emergency Communication Work Group

Virun der AG 2019 war d'RL Emergency Communication WG amgaang mat deenen anere Lëtzebuerger Amateurfunk - associatiounen ze kucke wéi mer um Niveau vun der Nout- an Katastrophekommunikatioun zesummeschaffe kennen. Hei waren d'Adrad - Kayldall an LX9DX d'accord vir och d'Initiative vun der RL WG z'ënnerstëtzen an och jeeweils hier Verrieder ze definéieren vir mam RL zesummen ze schaffen. Et war just eng Associatioun, déi sech an der Woch virun der AG 2019 aus eegene fräie Stécker aus dem Projet zréck gezunn huet. Mir aner 3 Veräiner hunn eis net beieren gelooss, an hunn déi gemeinsam national lëtzebuerger Noutfunkstruktur opgebaut, ënnert dem Motto "l'union fait la force".

An deenen 3 Wochen no der AG 2019 goufen d' Statuten ausgeschafft a mat Hëllef vum Mendaly LX2VY sengem Fachwëssen ugepasst. Enn Mäerz gouf eis nei gemeinsam Struktur mat dem Numm "Hamradio Emergency Communication Group Luxembourg asbl" (kuerz: EmCom asbl), an d'Liewe geruff. An et gouf och direkt ugefaangen ze schaffen. Am Juni waren de Paul LX1HP an den Arsène LX2KA och op der IARU-R1 Konferenz am Kader vun der Hamradio 2019 zou Friedrichshafen. Do hu mer deenen aneren EmCom Koordinatoren, déi op der Konferenz waren, spontan présentéiert, datt mer eis als Struktur grënnen, an datt an Zukunft mat eis zou Lëtzebuerg ze rechnen ass. Während de Summerméint gouf dunn dann och emol dokumentéiert wat esou an der Struktur géingen vun Saachen ufalen, vir den Iwwerbléck ze behalen.

Dorausser ass och eng Presentatiounsbroschür entstanen, déi bei verschiddeenen Geleeënheeten genotzt gouf an och an Zukunft gétt, wei z.B Sponsoring, Uschreiwten vun den Administratiounen an Ministèren an och als Artikel vir d'Presse.

Mir hunn och d'Ministèren an d'Administratioune kontaktéiert; notamment den Ausseministère a Saache Nation Branding "Lët'z make it happen", awer och fir

eis Kooperatioun an Internationalen Noutfäll unzëbieden; den Inneministère vir alles wat um nationalen Beräich virzugesinn ass an och vir a Kontakt mam CGDIS ze kommen; an och den "Haut Commissariat de la Protection nationale" fir auszeschaffe wéi een eis Noutkommunikatioun kéint am Krisefall asetzen.

D'promotionnel Gadget'en déi mir fir den Ausseministère verdeelen, komme gutt un, ewéi bei eisem éischten offiziellen internationalen Aarbechtstreffen, dee mer als "Hamradio Emergency Communication Group Luxembourg asbl" bei den Kollege vum DARC Notfunk-Referat haten.

Ob dësem Aarbechtstreffen zu Baunatal, hu mer nieft den däitschen Kollegen och eis Schwäizer Kollegen vun der USKA begéint. Do gouf viles thematiséiert, z.B. wei all Land opgestallt ass, wat geplangt ass vir um Niveau Noutfunk emzesetzen, an wei een iwwert d'Grenzen ewech zesummeschaffen kann. Et leeft viraussichtlech alles op en gemeinsamen Exercice am November 2020 eraus, wou esouwuel Däitschland, wie och déi däitschsproocheg an déi franséischsproocheg Schwäiz deel hellt. Mir sinn gefroot gi viir d'Fransousen an d'Belsch ze kontaktéieren an ze froën ob sie Interessi hunn un dësem Exercice matzemaachen.

Mir géifen, nieft der Hëllef beim Réseauopbau an der Transmissioun vun Informatiounen, och zousätzlech tèschent den däitsch- an franséischsproochegen Funkamateuren dolmetschen. Et gouf och festgehalten datt mer géingen probéieren ee gemeinsamen Noutfunk-Stand op der Hamradio 2020 ze maachen mat deenen aanere Länner, wéi zum Beispill dem DARC Notfunk Referat, der Schwäiz, EmCom LX, Bears (ON), de Fransousen, den Hollänner etc. Daat och viir d'Zesummenaarbecht ze förderen, well d' Katastrophen jo net op de Grenzen halt maachen. Des weideren hunn mer och d'Situatioun ugeschwat, datt de Service WinLink, wat jo d'Verschécken vun E-mailen ënnert anerem iwwert d'KW-Bänner ass, an d'Amazon Cloud migréiert gouf, an dat daat e Problem könnte sinn an de Gespréicher mat de Verwaltungen.

Mir hunn och ee Rendezvous mat dem CGDIS an Aussicht viir eis ze presentéieren an och wéi mat deenen aneren Strukturen op eng gemeinsam

Strategie heraus zu kommen an die Kooperationen und schriftlich festzuhalten.

Paul LX1HP

oooOOOooo

## **Noutfunk a QSL - Service: et geet an engems!**

Vom 7. bis 9. Februar trafen sich das Referat für Not- und Katastrophenfunk und das zuständige DARC-Vorstandsmitglied Werner Bauer, DJ2ET, mit Vertretern der Union Schweizerischer Kurzwellen-Amateure (USKA) und der Hamradio Emergency Communication Group Luxembourg. Neben dem Austausch über die aktuellen Konzepte zum Noutfunk standen als wichtige Tagesordnungspunkte auch die Weiterentwicklung und gemeinsame Abstimmung der Konzepte auf dem Programm.



Foto v.l.n.r.: Werner Bauer, DJ2ET; Oliver Schlag, DL7TNY; Niklaus Blase, HB9GUJ; Christoph Wyttenbach, HB9FWW; Paul Hetting, LX1HP; Dirk Schelhasse, DM7DS; Mendaly Ries, LX2VY, und Sebastian Schlubeck, DM1SW

Weitere Themen des Arbeitstreffens betrafen die Akzeptanz der 2019 durch-



geführten Änderungen am Winlink Netzwerk, die Verwendung von breitbandigem Datenfunk und dessen Dienste im Notfunk sowie die kommenden Veranstaltungen im Jahr 2020. Neben einer engeren Kooperation auf der HAM RADIO 2020 in Friedrichshafen wurden auch ein darüber hinausgehender Erfahrungsaustausch und eine Zusammenarbeit vereinbart.

(mitgeteilt vom DARC)



Foto: YL Mendaly LX2VY und OM Werner DJ2ET

Zwei Fliegen mit einer Klappe: Da Mendaly und Paul sowieso nach Baunatal zu dem Notfunk-arbeitstreffen fahren, nahmen sie zugleich auch die *outgoing* QSL-karten mit. Man beachte die aufwändige Verpackung! -Red.

oooOOOooo

Internet: il y a plus de crétins que de chrétiens - alors attention...

## Rapport vum Aarbechtsgrupp CW

De Cours vir Morse ze léieren haat jo am Oktober 2018 ugefaang. No der Kröschtvakanz si mer du mam Cours viirugefuer. En moyenne haate mer all Woch, Méindes owes, eng Séance am Shack zu Esebuer. Wéinst berufflechen a perséinlechen Aktivitéiten ass och emol eng Séance ausgefall.

Mött Mee haate mer de ganze Cours erduurch, d.h. all d'Buschtawen, d'Zifferen an och di puer Sonnerzeechen, déi am Amateurtrafic gebraucht ginn.

Duerno ass et viiru gaange mat Wierder, Q-gruppen, Ruffzeechen a QSOtext. Mer hunn eis dunn all 14 Deeg eng Kéier gesinn an hu weider geschafft bis an den Hierscht.

Du koum och d'Iddi vun der Aarbechtsgrupp CW op d'Tapéit. Daat ass gutt ukomm am Groupe an nodeems de Comité och d'accord waar (merci OM) gouf daat dann offiziell.

De Misch 1ML huet sech aal druginn viir eis mat Material ze fidderen. Hien huet d'Texter an d'mp3-fichieren op eng Websäit gesaat, wou mer se da konnten erooflueden.

De nächste Schrött: CW QSO. Deen éischte QSO ass Uganks Juli gefuer ginn. All Séance koumen esou e puer Kontakter an de Log. Well d'Propagatioun net immens war an ass, hu mer eis meeschtens op 40 an 80 m opgehaalen. Esou ass et viirugaange bis de November.

Duurch de Waasserschued am Shack, d'Ausraumen, an d'Usträichen waar di läscht Meint keng weider Aktivitéit méi. Mee daat wöllt net heeschen datt et net weidergeet.

Mer wieren och frouh wa mer een zweete Coach hätten, deen de Misch entlaaschte könnt. Do waar jo am läschte Bulletin en Opruff, mee et huet bis elo keen sech gemellt. Och nei Intressente sinn ömmer wöllkomm.

Frank LX2AU

# Rapport vum APRS Work Group


Wat war lass a Saachen APRS säit der leschter AG:

- Dem RL seng APRS Relais'en hunn d'ganzt lescht Joer optimal fonctionnéiert.
- Leider konnt net alles ëmgesat gi wat den APRS Working Group sech virgeholl haat.
- den LX0APR, APRS Relais vu Blaschent, QRV zanter dem Joer 2000 gouf moderniséiert.

Hei gouf vun Digi\_Ned op WX3in1 plus ëmgestallt an de Relais och un den Hamnet uegebonnen.

Den LX0APR ass elo nach méi sensibel am Empfang ginn.

Vir 2020 ass virgesinn de 70cm-port vum LX0APN ëmzebauen.



Et ass via APRS méiglech, vir kuerz E-Mailen ze verschécken.

Mir wënschen allen APRS User weiderhinn vill Succès.

APRS Frequenzen: 144.800MHz an 432.500 MHz

Websiten: <http://aprs.fi> oder <https://www.aprsdirect.com/>

**euro.aprs2.net** ass déi optimal APRS Server Adress fir Lëtzebuerg.

73 de LX1KQ, Mich

oooOOOooo

## **HAMNET / Echolink / Packet-Radio**

Wat d'läscht Joer esou lass war:

Dee neien Site um Héichhaus um Kierchbiérg konnt och mat Hamnet ausgerüst gin. Et besteht e 5GHz Link op Buurschend an een op Rodange di allenzwéin a Betrieb sin a gudd funktionéieren. Och 2 Userporten op 2.3GHz konnten do aktivéiert gin. Avis aux amateurs.

De Site vum LX0LU zu Blaaschend konnt och per 5GHz-link mam Hamnet verbonne gin. Dest ass wichtig fir dass de Voice Working Group eis analog FM Relais verlinke kann.

Reparaturen an verschidden Optiméierungen müssen regelméissig erledigt gin fir den Hamnetréseau um laafen ze haalen. Quasi all Verlinkungen vun den digitalen Relais laafen iwert den Hamnet a brauchen Zouverlässigkeet.

Den Echolink LX0ELS zu Rodange huet ouni gréisser Problemer fonctionéiert. Dese wichtigen Site krut eng nei Wiederstatioun (<http://wetter.rlx.lu>) an en Puffer bei Stroumausfall.

Den Hamnet HF Link mat DL leeft super.

Ween sech wëll e Bild vum Hamnet maachen kann op der Kaart bei <https://hamnetdb.net/map.cgi> era kucken. Hei sin all d'Linken mat alle Para-

meteren dokumentéiert a mat live Daten graphesch ze bewonneren.  
E Merci un eis Kollegen aus DL déi do eng super Aarbecht leeschten.

E puer Pläng fir dëst Joer:

De Mast zu Dippech wäert geschwënn rem do stoen mat neien Hamnet Antennen.  
Da kann och rem Veianen (Ronnebësch) iwwe HF ugebonnen gin.

Mam Ausbau vum HAMNET Réseau weider fueren. HF Linken fir de kompletten  
Hamnet Réseau an LX a weider zu eisen Nooperen (DL, ON, F).

Weider Userporten (13cm) op strategesche Plätzen.

All OM dee wëll, kann s'ech dann mam Datefunk verbannen, virausgesaat hien  
huet Siichtverbindung zu engem vun dësen Siten.

Alternativ mat 70cm Open Source Léisung vum F4HDK experimentéieren:

<https://hackaday.io/project/164092-npr-new-packet-radio>

Monitoring vun technesche Parametere vun eisem Réseau.

Reparaturen do wou eppes futti geet; z.B. de Link op Rëmëlleng, deen, soubaal  
d'Wieder et zouléisst, erem operationell gemaach gett.

Arsène LX1TB

oooOOOooo



www.cw4dummies.com

# Voice Repeater Work Group

## LX0LU / LX0HI / LX0DMM

Beim Voice WG war et dëst Joer zimmlech roueg.

Zu Buerschend hunn nom Wanter d'läscht Joer rëm eng Kéier mussen Antenne gewiesselt ginn. Se sinn dofir elo einfach alleguer duerch nei méi robust Antennen ersat ginn (keen HomeMade méi). Ufank 2019 ass och de Power Supply nach eng Kéier gewiesselt ginn.

Fir d'Verlinkung ass souwuel un der Logik a Software geschafft ginn, wéi och schon un der Hardware mat där déi aner 2 Relaisen nach mussen equipéiert ginn, fir kennen déi Verlinkung ze maachen. Bei der Software sinn allerdéngs nach e puer Punkten op, ënner anerem klappt d'Prioriséierung vun den Duerchgäng (local vs. distant Repeater) nach net esou, wéi mer eis dat virgeholl hunn.

Beim LX0HI goufen et zweemol Problemer datt den Empfang vum Relais relativ staark gestéiert ginn ass. Mer sinn net sécher, op et un Iwwerreichwäite louch, een technesche Problem war, oder eng gewollte Stéierung war. D'läscht Joer ass och e bëssen um generelle Projet vun der QRM Analyse geschafft ginn, mee mangels motivéierte Leit si mer nach ëmmer net um Ziel.

73, Dan LX1JU

oooOOOooo

Das einfachste Logprogramm der Welt:

PaStA - Papier, Stift, Aufschreiben ...

## Jota - Joti

